Lëtzebuerg, den 19 juillet 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Et ass eis zu Ouere komm, datt d'Sekretäre vun deene fréiere Juegdsyndikater net däerfen d'Kontosnummere vun de Bësch-, Wisen a Feldbesëtzer un déi nei Sekretäre rausgi wéinst dem Dateschutz.*

*D'Natur- a Bëschverwaltung huet en neie „Rôle de répartition" gemaach, deen op Myguichet steet. Do stinn d'Propriétairen all drop, wéi vill Terrain si am Juegdlous hunn a wéi vill Suen se ze kréien hunn, mee et ass awer verständlecherweis keng Kontosnummer vun hinne veröffentlecht.*

*Di fréier bzw. nei Sekretäre waarden eigentlich drop, datt si schrëftlech gesot kréien, si dierften oder sollten, ënner bestëmmte Bedingungen, d'Kontosnummere viruginn oder/an, datt d'Leit sech eventuell selwer op Myguichet mat hirer Kontosnummer androen.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Ass d'Madamm Ministesch scho mat dëser Problematik befaasst ginn?*
- *Wéi gedenkt d'Madamm Ministesch eng Léisung erbäizeféieren, fir datt déi betraffe Leit hire Flichten nokomme kënnen?*

- *Wat fir konkret Schrëtt huet d'Verwaltung biswell ënnerholl?"*

Mat déiwem Respekt,

| André BAULER<br>Deputéierten | Guy ARENDT<br>Deputéierten |
| --- | --- |